# Guy Rewenig: *Libella Bitsch*

*Guy Rewenig: Libella Bitsch*
*Geschichte fir Kanner mat Zeechnunge*
*vum Romain Lenertz*
*Editions Phi 3-88865-112-3*

'Libella Bitsch' as den Titel vum véierten Buch fir Kanner vum Guy Rewenig. Hei kënnt d'Kätt, dat an 'Muschkilusch', 'Zebra Tscherri' an 'Schallümmo' d'Haaptroll gespillt huet, leider nët méi vir, déi zwielef Geschichten sin ewer interessant.

Si sin ganz einfach geschriwwen, dat heescht, et sin liicht Wieder dran, esou wéi Kanner schwätzen. D'mm vun de Persounen fannen ech fantasievoll, da mécht et nach méi Spaass fir ze liesen. (Den Erfinder heescht Rattatu Pallabu, an den Heng Zawwabong as an d'Buletta Flitsch verléift.)

A ville Geschichten daucht d'Libella Bitsch op. D'-Libella as en Hamster, en aussergewéinlechen Hamster. Hatt frësst alles, wat gréng as, souguer gréng Plastiksteppecher, hatt huet gären, wenn en hatt mat der Strenz netzt, eng Kéier huet hatt souguer geléiert ze fléien. Mee am allerléifsten an haaptsächlech frësst, schléift, säift an strullt hatt.

Mir gefällt am beschten d'Geschicht 'Dem Här Pallabu séng Reimknätzelmaschinn'. Den Här Pallabu méngt et nëmmen gutt, hien wëll den Leit hellefen, andems hien Maschinnen erfënnt. Mee déi Maschinnen sin zum Schluss ewer nët sou nëtzlech, wéi hien gemengt hat, well déi fueren ëmmer futti, oder si fonktionéieren iwwerhaapt nët. D'Leit am Duerf, déi beschäissen hien: Sou eppes soll en Erfinder sin? Schrecklech!

Wat nach gutt un de Geschichten as, si sin nët brutal. Si sin heiansdo e bëssen iwwerdriwwen (wéi d'Geschicht 'Horrorvideo'), ewer si kommen ouni Gewalt aus.

Am groussen ganzen as d'Buch flott, witzeg an fantasievoll.

Bolmer Corinne, 7e ST2 13J